Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

21.02.2019 traureg Realitéit

21 **Feb** *2019*

(comments: 0)



Internationalen Dag vun der Mammesprooch:

Um Dag vun eiser Mammesprooch wollte mir iech déi traureg Realitéit weisen déi eis Mammesprooch, d'Lëtzebuergesch, geholl huet.

Virun 100 Joer ass se nach vill a gär an der Grenzregioun, fréier Territoirë vum alen Herzogtum, am Areler Land, ëm Diddenuewen, op der däitscher Muselsäit an am Béibreger Raum geschwat ginn.

Dat ass elo anescht. Do ass et iwwerall fort a bei eis fänkt et elo och un. Lëtzebuergesch gëtt ëmmer méi als Alldagssprooch verdrängt.

Setzt iech an fir eis Sprooch!

Säit dem Referendum 2015 setzen mir eis an fir d'Lëtzebuerger Sprooch (a fir d'Méisproochegkeet) a fir en méi luesen a verstännege Wuesstem.
http://wee2050.lu/

Read more … 21.02.2019 traureg Realitéit

11.2.2019 Bravo Jean-Claude Juncker

11 **Feb** *2019*

(comments: 0)

Bravo Jean-Claude Juncker

“Ech géif mir wënschen – ech soen dat net, well et keen anere Choix gëtt, ech soen dat, well et d’Sprooch vum Land ass – datt all déi Leit, déi op Lëtzebuerg liewe kommen an all déi, déi heihinner schaffe kommen, d’Lëtzebuerger Sprooch esou gutt beherrschen, datt se sech an der Gesellschaft an am Beruff kënne verstännegen.”
Jean-Claude Juncker, 28.3.2002

Read more … 11.2.2019 Bravo Jean-Claude Juncker

6.2.2019 E lëtzebuergeschen Numm fir eisen neien Nationalstadion

06 **Feb** *2019*

(comments: 0)

Haut stoung op rtl.lu dass d'Stad Lëtzebuerg de neien Stadion net no engem Sponsor benennt.
Mir roden der Stad Lëtzebuerg:
Zukunft op lëtzebuergesch mat engem lëtzebuergeschen Numm fir eisen neien Nationalstadion

Wee2050: Säit dem Referendum 2015 setzen mir eis an fir d'Lëtzebuerger Sprooch a fir en méi luesen a verstännege Wuesstem. wee2050.lu

Read more … 6.2.2019 E lëtzebuergeschen Numm fir eisen neien Nationalstadion

26.1.2019 Wéi sollen déi Jonk hei nach eng Wunneng bezuele kënnen?

26 **Jan** *2019*

(comments: 0)

Schold ass virun allem de rasanten, onkontrolléierten Wuesstem vun der Bevëlkerung.

Mir bréngen et net fäerdeg méi séier zouzebetonéieren, wéi Leit nokommen, an dat wëll eppes heeschen!

Ëm 9,2% sinn d'Präisser vun den Appartementer geklommen, an engem Joer!

Lëtzebuerger ouni déck Pai oder Verméigen ginn aus Lëtzebuerg verdrängt.

Weider Konsequenze vum onkontrolléierten, rasante Wuesstem sinn:
- Verkéier & Stau
- Infrastrukturmangel
- Integratiounsdefiziter
- Zoubetonéieren
- Liewensqualitéit geet erof...

Read more … 26.1.2019 Wéi sollen déi Jonk hei nach eng Wunneng bezuele kënnen?

9.1.2019 Falsch Informatiounen um Radio 100,7 iwwer illegal Migratioun?

09 **Jan** *2019*

(comments: 0)

Falsch Informatiounen um Radio 100,7 iwwer illegal Migratioun?

De 24. Dezember 2018 war en Beitrag vun der Journalistin Françoise Keller um Radio 100,7.

---Fake News Nummer 1

D'Journalistin Françoise Keller : " Allgemeng ass d'Zuel vun de Leit, déi hei am Land Asyl ugefrot hunn, zanter dräi Joer réckleefeg."

--->FAKT:

Hei sinn d'Zuelen:

2013: 1.070
2014: 1.091
2015: 2.447
2016: 2.035
2017: 2.322
2018: ëm déi 2.150 (1.932 bis November. Plus Dezember nach eng Kéier 200 bis 300, am Dezember 2017 waren et der 241.)

Et ass NET réckleefeg säit 3 Joer.

Et ass nëmmen MINIMAL réckleefeg zanter engem Joer.

D'Wourecht ass kristallkloer wann een d'Zuelen kuckt:

D'Zuelen sinn zanter 2015 stabil an DUEBEL esou héich wéi virun der Krise.

---Fake News Nummer 2

D'Journalistin Françoise Keller zitéiert onkritesch folgend Ausso, wéi wann se richteg wier: „Am Mëttelmier géifen all Dag honnerte Mënsche stierwen“ Mee eng einfach Rechnung weist dass des Zuel falsch ass.

--->FAKT : bis de 9. Dezember goufen et 2.160 Doudeger am Mëttelmier.

Dat heescht 2160 an 11 Méint, also 196 pro Mount.

Also 6,5 pro Dag (196 / 30)

Déi Ausso ""Am Mëttelmier géifen all Dag honnerte Mënsche stierwen" ass also KATASTROPHAL FALSCH!

Et si KENG 200-300 Leit, mee nëmmen 7 Leit!

Dat ass tragesch genuch, an mir bedauern all eenzelnen well all eenzelnen ass een ze vill, mee des Zuelen sinn eng KOMPLETT Misrepresentatioun vun der Realitéit.

Et ass ONVERANTWORTLECHEN Journalismus, einfach blann Zuelen vun engem Aktivist ze iwwerhuelen.

Mir erënneren drun, wat den J. ASSELBORN den 09.09.2017 am Kontext vun illegalen Immigranten zu Lëtzebuerg um RTL gesot huet:
" Déi staatlech Servicer sollten eventuell och an Zukunft besser oppassen mat der Kommunikatioun, fir d'Populatioun net onnéideg opzereegen."

Quellen:

https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/bild-vun-zerassenheet

https://statistiques.public.lu/fr/actualites/population/population/2018/12/20181217/20181217.pdf

https://reliefweb.int/report/spain/mediterranean-migrant-arrivals-reach-110833-2018-deaths-reach-2160

Read more … 9.1.2019 Falsch Informatiounen um Radio 100,7 iwwer illegal Migratioun?